Dezember 2003 N°8





# Fëschber Gemengeblad

Layout:
Ren Spautz
Aangelsbierg

Mitgestalter:
Patrick Delmarque
Marie-Louise Haas-Erpelding
Ren Spautz
Luss Brosius
Rol Miny
Valérie Weis
Jerry Kirtz
Sarah Kolbert
Bob Braun
Oktavie Sunnen-Peiffer
Lina Hoehn
Aimée Frieden
Georges Brosius
Danielle Raach
Mike Daems
Angela Kraus-Zuidberg
Claude Malget

Druck:
Imprimerie Faber
Mersch



Ein frohes Fest
und ein gesundes Jahr
2004
wünscht Ihnen das Team
vom Fëschber Gemengeblad

# Ehrung langjähriger Mitarbeiter

Anfang des Jahres hatte der Schöffenrat in den festlich hergerichteten Festsaal der Gemeinde eingeladen.
Zu dieser Feier waren Bürgermeister Fern Braun, die beiden Schöffen Carlo Pletschet und Batty Tholl, die Gemeinderäte, das gesamte Gemeindepersonal, Vertreter der verschiedenen staatlichen Verwaltungen und Vertreter der Nachbargemeinden, anwesend.
Es war Bürgermeister Fern Braun, der die Gäste herzlich willkommen hiess und sich für die letztjährige geleistete Arbeit im Interesse der Gemeinde bedankte.
Besonderen Dank und Anerkennung kamen Mitarbeiterin Marie-Louise Haas-Erpelding und Primärschullehrer Edmond Haas zugute, weshalb sie aus den Händen von Fern Braun, für 20 jährige Dienste, eine goldene Armbanduhr empfangen konnten.
In ihren wohlverdienten Ruhestand wurden Astrid Zeimetz-Maurer und Marie-Louise Daems-Hecker mit einem passenden Geschenk verabschiedet.
Anschliessend lud Bürgermeister Fern Braun alle Gäste zu einem wohlschmeckenden Essen ein, womit der Abend dann in geselliger Runde ausklang.

Ren Spautz




Seite 1: Meesebuurg
Seite 2: Inhaltsverzeichnis & Ehrung
Seite 3: Gemeindesitzung
Seite 4: Gemeindesitzung
Seite 5: Theater & Thé Dansant
Seite 6: NordicWalking
Seite 7: Des Rätsels Lösung
Seite 8: Hobby-Seite
Seite 9: Hobby-Seite
Seite 10: Wien ass dat?
Seite 11: Hall Polyvalent
Seite 12: Wat ass lass?
Seite 13: Wat ass lass?
Seite 14: Krisesëtzung zu Meesebuurg!
Seite 15: Krisesëtzung zu Meesebuurg!
Seite 16: Eis Veräiner
Seite 17: Eis Veräiner
Seite 18: En Don fir Csokakö/Ungarn
Seite 19: Aktivitéiten Elterevereenegung
Seite 20: Schoulkanner zu Paräis
Seite 21: Schoulkanner zu Paräis
Seite 22: Schouljoer 2003-2004
Seite 23: Schouljoer 2003-2004
Seite 24: Schouljoer 2003-2004 & Kiermes

Décisions prises par le conseil communal dans ses séances du 2 juin 2003, 25 juillet 2003 et du 30 septembre 2003:

Approbation du rôle de l'état des restants à payer pour l'exercice 2002 au montant total de 28.336,81 €.

Approbation du projet d'extension du PAG portant sur des fonds sis à Fischbach au lieu-dit «Paffenthal», présenté par l'atelier d'architecture BENG pour le compte de l'administration communale de Fischbach.

Approbation d'un devis au montant de 50.430,73 € ttc présenté par l'Entreprise des P & T, Division des Télécommunications relatif à la confection de tranchées communes à Angelsberg dans les rues « rue de l'Eglise » et « Am Géie Wee ».

Approbation d'un devis au montant de 20.025,26 € ttc présenté par CEGEDEL concernant le remplacement du poste de transformation dans la « rue de Rollingen » à Schoos.

Approbation d'un devis au montant de 3.190,60 € ttc. relatif aux travaux de restauration de quatre calvaires situés sur le territoire de notre commune.

Octroi d'un contrat à durée indéterminée à la dame Lucie Mensen de Schoos comme chargée de cours dans l'enseignement de la commune de Fischbach.

Nomination du sieur Karier Lucien au poste de chef de corps des sapeurs-pompiers de la commune de Fischbach.

Fixation du taux de l'impôt commercial pour l'année 2004 à 300%.

Fixation des taux de l'impôt foncier pour l'année 2004 comme suit :
1) impôt foncier A: propriétés agricoles et forestières: 320%
2) impôt foncier B: immeubles bâtis et non bâtis:
impôt foncier B1: constructions commerciales: 450%
impôt foncier B3: construction à usage mixte et places à bâtir: 320%
impôt foncier B4: maisons unifamiliales, maison de rapport et constructions à autre usage: 165%.

Approbation de la convention du 19 juin 2003 relative à la constitution du Groupe d'Action Locale Leader+ Müllerthal.

Beschlüsse des Schöffenrates anlässlich der Sitzungen vom 2. Juni 2003, 25. Juli 2003 und 30 September 2oo3:

Zustimmung des Überschussverzeichnisses der Summe von 28.336,81 € des Jahres 2002. Der Gemeindeeinnehmer wird die nötigen Schritte einleiten um die noch ausstehenden Beträge einzukassieren.

Zustimmung zur Erweiterung des Bauperimeters in Fischbach im Ort genannt „Paffenthal", vorgestellt durch das Architektenbüro BENG, im Auftrag der Gemeinde Fischbach.

Billigung eines Kostenvoranschlags von 50.430,73 €, eingereicht von der Postverwaltung, Abteilung des Fernmeldedienstes, betreffend Aushebung von gemeinschaftlichen Gräben in den Strassen „Rue de l'Eglise" und „Am Géie Wee".

Billigung eines Kostenvoranschlags für die Summe von 20.025,26 €, eingereicht von der CEGEDEL betreffend Erneuerung eines Transformators in der Strasse „rue de Rollingen" in Schoos.

Bewilligung eines Kostenvoranschlags von 3.190,60 € betreffend Wiederherstellung von 4 Kreuzigungsstationen gelegen auf dem Gebiet der Gemeinde Fischbach.

Bewilligung eines unbeschränkten Arbeitsvertrages als Lehrbeauftragte für Frau Lucie Mensen aus Schoos für den Unterricht in der Gemeinde Fischbach.

Ernennung von Herrn Lucien Karier als Kommandant (chef de corps) der Feuerwehr der Gemeinde Fischbach.

Festlegung des Steuersatzes der Gewerbesteuer für das Jahr 2004 auf 300%

Festlegung des Grundsteuersatzes für das Jahr 2004 wie folgt:
Grundsteuer A: Landwirtschaftliche und forstwirtschaftlische Unternehmen: 320%
Grundsteuer B: bebaute und unbebaute Grundstücke:
Grundsteuer B1: Gewerbebauten: 450 %

Grundsteuer B3: Bauten zum gemischten Gebrauch und Bauplätze: 320%
GrundsteuerB4: Einfamilienhäuser, Ertragsimmobilien, sowie Bauten für andere Zwecke: 165%

Approbation des décomptes relatifs à la construction de chemins forestiers :
“Seitert” à Schoos pour le montant de 12.143,62 €
“Seitert” à Fischbach pour le montant de 17.303,89 €
“Bockeleschт, Bellschled” pour le montant de 2.932,50 €
“Klenge Groeboesch” pour le montant de 12.332,72 €

Approbation d'un avant-projet relatif au réaménagement du CR120 dans la traversée de Schoos, P.R. 4,090-5,639 au montant global de 1.025.713,75 € ttc (charge communale = 281.425 € htva).

Suite à la demande de l'architecte Marc Dieschbourg de Beidweiler pour le compte de son client Henri HILGERT, promoteur, en vue de l'extension du périmètre à Angelsberg aux lieux dits « Im Stappert » et « Angelsberg », le conseil décide favorablement le principe de l'extension du périmètre en précisant toutefois que le projet devra être soumis à la procédure prévu par la loi du 12 juin 1937 concernant l'aménagement des villes et autres agglomérations.

Approbation du plan de gestion annuel de la forêt communale de 2004 en prévoyant des recettes pour 92.400 € et des dépenses pour 129.100 €.

Approbation d'une convention conclue le 11 septembre 2003 entre CEGEDEL S.A. et le collège échevinal de la commune de Fischbach concernant l'installation d'un poste de transformation du type cabine compacte près du nouveau centre polyvalent à Schoos.

Allocation de subsides ordinaires aux différentes associations locales suivantes :

| | |
|---|---|
| S.P. de la commune de Fischbach: | 1.120 € |
| Chorale Angelsberg: | 500 € |
| Chorale Fischbach: | 500 € |
| ACFL-Fraen a Mammen: | 375 € |
| Wiichtelcher: | 125 € |
| Maarkollefen: | 125 € |
| Gaart an Heem: | 375 € |
| Club des Jeunes: | 375 € |
| Amiperas: | 500 € |
| Theaterveräin: | 375 € |
| Association des Parents d’Elèves: | 375 € |
| TOTAL: | 4.745 € |



Bewilligung der Vereinbarung vom 19. Juni 2003 betreffend die Gründung des „Groupe d'Action Locale Leader + Müllerthal“.

Bewilligung der Abrechnungen betreffend die Realisierung von forstwirtschaftlichen Wegen:
„Seitert“ in Schoos zum Preis von 12.143,62 €
„Seitert“ in Fischbach zum Preise von 17.303,89 €
„Bocheleschт, Bellschled“ zum Preis von 2.932,50 €
„Klenge Groeboesch“ zum Preis von 12.332,72 €

Bewilligung des Vorprojekts betreffend die Neuanlegung der CR120 in der Durchquerung von Schoos, P.R.4,090-5,639 zum Gesamtbetrag von 1.023.713,75 € (die Unkosten der Gemeinde belaufen sich auf 281.425 € außer Mehrwertsteuer)

Dem Antrag des Architekten Marc Dieschbourg aus Beidweiler für seinen Mandanten Henri Hilgert, Immobilienmakler, zwecks Erweiterung des Bauperimeters in Angelsberg, im Ort genannt „Im Stappert“ und „Angelsberg“, hat der Schöffenrat eine positive Prinzipienzusage erteilt, jedoch mit dem Vorbehalt dass das Projekt der Prozedur des Gesetzestextes vom 12. Juni 1937, welches den Bebauungsplan der Städte und anderer Ortschaften betrifft, unterworfen wird.

Bewilligung des jährlichen Wirtschafts- und Betriebsplans des Gemeindewaldes für das Jahr 2004 mit den voraussichtlichen Einnahmen von 92.400 € und den voraussichtlichen Ausgaben von 129.100 €.

Bewilligung einer am 11. September 2003 getroffenen Vereinbarung zwischen der CEGEDEL und dem Schöffenrat der Gemeinde Fischbach zwecks Aufstellung eines Transformators, Typ Kompaktkabine, in der Nähe des neuen „Centre polyvalent“ in Schoos.

Bewilligung der ordentlichen Haushaltzuschüsse an die verschiedenen Lokalvereine:

| | |
|---|---|
| Feuerwehr der Gemeinde Fischbach: | 1.120 € |
| Gesangverein Angelsberg: | 500 € |
| Gesangverein Fischbach: | 500 € |
| ACFL-Fraen a Mammen: | 375 € |
| Wiichtelcher: | 125 € |
| Maarkollefen: | 125 € |
| Gaart an Heem: | 375 € |
| Jugendverein: | 375 € |
| Amiperas: | 500 € |
| Theaterveräin: | 375 € |
| Elternvereinigung: | 375 € |
| TOTAL: | 4.745 € |

*****

# Theaterowender an der Fiels



## Stee Räich

Den Theaterveräin Fëschbech-Schous-Angsbreg invitéiert op seng traditionell Theaterowender den 20. 26. a 27. Dezember an der Fiels am Centre Culturel. De Rideau ass jeweils um 20:15 Auer. Gespillt gëtt e lëschtegen Dräiakter vum Etienne Clement “Stee Räich”.

Ennert der Regie vum Carlo Pletschet spillen: Lucien Karier, Triny Wirtz-Fischbach, Fränk Daems, Fabienne Wagner, Angela Kraus-Zuidberg, Marco Karier, Danielle Karier-Zenner, Mike Daems, Guy Kohnen a Jo Daems. An der Pësperkëscht sëtzt d'Joëlle Felten.

Plaze kënne reservéiert ginn (vun 16:30-20:30 Auer) iwer den Telefon 329611 (Kraus)

Angela Kraus-Zuidberg

# Thé Dansant op der Schlasswiss

Och dëst Joer huet d’Entente vun der Gemeng Fëschbech erëm op hiren Thé Dansant invitéiert.
Fir déi néideg Stëmmung hunn och erëm d’Sauerdall Musikanten “Trei Säi” gesuergt.
Dëst Joer gouf et allerdéngs eng Nouveautéit. Ugaangen ass et net eréischt um 4 Auer mëttes, mä schonns virmëttegs mat engem Concert-Apéro dee vun der Feelser Musek virgedroe ginn ass.
Z’iessen ginn ass et eng gutt Paëlla, op der Plaz préparéiert vum Théo, beschtbekannt als fréiere Propriétaire vum Restaurant ”Op der Trap” vu Fëschbech.
Praktesch all Veräiner aus der Gemeng hu mat méi oder wéinier Leit un der Organisatioun an der Virbereedung deelgeholl, an och den Dag selwer vill geschafft, fir e reiwungslosen Oflaf ze garantéieren, sou datt dëst Fest zu engem immensen Erfolleg gefouert huet.
Op dëser Plaz wëll ech awer eiser Gemeng an och de Gemengenaarbechter e grousse Merci ausschwätzen, well mer ouni hir tatkräfteg an technesch Hëllef dësen Dag net esou kénnten ofhalen.

Mike Daems





# NORDIC WALKING

mit

# SportFitness Connexion s.à r.l.



Seit der Eröffnung der FILANO Sporthalle auf “Birkelt” in Larochette, hat sich in sportlicher Hinsicht einiges getan in den drei Gemeinden des eigens für die Erbauung dieser Halle gegründeten Syndikats. Seit Fischbach, Larochette und Nommern sich von ihrer sportlichen Seite zeigen, profitieren nicht nur die lokalen Sportsvereine von diesem neuen Geist. Denn für jene Personen, die sich wegen der verschiedensten Gründe nicht sportlich in einem Verein betätigen können, aber in ihrer Freizeit Körper und Geist anregen wollen, werden seit geraumer Zeit einige Kurse angeboten.

Großen Anklang fand der von “SportFitness Connexion s.à r.l” angebotene “Walking”-Kurs, ein aufkommender Fitnesstrend, dem sich immer mehr Leute verschreiben. In der Tat eignet sich das “schnellere Gehen” unter anderem hervorragend für die sogenannten “Fitnesseinsteiger”, die so auf schonende Art und Weise ihre Grundlagenausdauer entwickeln und den Organismus behutsam an sportliche Aktivitäten gewöhnen können.

Ab Ende September dieses Jahres wird neben dem “Walking” neuerdings auch das “Nordic Walking” angeboten. Die Wurzeln des im Jahre 1997 entwickelten Fitness- und Gesundheitssports liegen im finnischen Profisport:
In der Tat trainieren die finnischen Profisportler aus den Bereichen Ski-Langlauf und Biathlon schon seit langer Zeit auch im Sommer mit Stöcken. Daraus entstand dann vor 6 Jahren das “Nordic Walking”, dessen Popularität als Ganzkörper- und Ganzjahrestraining so rasant anstieg, dass sich im Jahre 2000 schon circa 20% der Finnen diesem “nordischem Gehen” widmeten.
Das “Nordic Walking” ist Walking mit speziellen Stöcken, deren Einsatz die Hüft-, Knie- und Sprunggelenke um bis zu 30% entlastet und ähnlich wie beim Skilanglauf die Muskulatur des Oberkörpers, beim einfachen “Walking” eher passiv, aktiv zur Fortbewegung einsetzt. Das unabhängig von Alter, Geschlecht und Kondition für jeden geeignete Ganzkörpertraining trainiert auf behutsame Art und Weise gezielt das Herz-Kreislauf-System und trägt optimal zur Gewichtsreduktion bei. Besonders “Schreibtischtäter” dürfte es interessieren, dass durch die Armbewegungen die Durchblutung des Schulter- und Nackenbereichs verbessert wird und dadurch haltungsbedingte Verspannungen und Schmerzen gelindert werden.

Wer sich also jetzt von diesem neuen Fitnesstrend angesprochen fühlt oder sich ausführlicher über diese Form der Körperbetätigung informieren möchte, kann sich mit Bob Braun von “SportFitness Connexion s.à r.l” in Verbindung setzen. Der speziell in “Nordic Walking” ausgebildete Fitnesstrainer wird nämlich ab Ende September die Leitung dieses Kurses übernehmen und je nach Bedarf und Interesse weitere Einführungsveranstaltungen organisieren. Der viermal wöchentlich stattfindende Kurs wird voraussichtlich zu folgenden Zeiten stattfinden:
Dienstags von 14:30 bis 16:00
Donnerstags von 9:00 bis 10:30
Samstags von 10:50 bis 12:00
Sonntags von 09:30 bis 11:00
Die Anfangszeiten der Kurse werden Ende Oktober wegen der Umstellung auf Winterzeit dann geändert.
Die Stöcke können auf Anfrage hin von der Kursleitung zur Verfügung gestellt werden.

Also, “Avis aux amateurs”, bei Interesse bei Bob Braun, unter den Telefonnummern 78 91 41 oder 091 48 58 68 melden.
Die FILANO-Gemeinden wünschen den Teilnehmern auf jeden Fall viel Spaß und “Ski Heil”!



Bob Braun

# Des Rätsels Lösung!

Dies ist "des Rätsels Lösung" zweiter Teil. War der erste Teil etwas schwierig, vielleicht zu schwierig für viele Leser des "Fëschber Gemengeblad", so soll dieser Teil die aufgeregten Gemüter etwas besänftigen.
Auf den Fotos 1 und 2, die Mitte September 2003 gemacht wurden, ist jeweils etwas, was so nicht stimmt. Es ist an Ihnen heraus zu finden was es ist. Dies dürfte nicht all zu schwierig sein, wenn man ein guter Beobachter ist.
Diesmal gibt es nach dem Heissluftballonflug, gestiftet von RCM, wieder einen interssanten Preis zu gewinnen.
Das bestbekannte Electro-Photo Geschäft und Elektro-Installations-Betrieb PAUL SCHAAL & FILS aus Mersch, hat den ersten Preis für dieses Rätsel gestiftet. Ein Einkaufsgutschein im Werte von 125,- Euro, den man in ihrem Geschäft einlösen kann.
Hier hat man eine riesige Auswahl an elektrischen Geräten, sei es für den Haushalt, TV und HIFI-Anlagen, Musik CD's oder dekorative Lampen, hier findet jeder was.
Mitmachen kann jeder Einwohner unserer Gemeinde. Die richtige Lösung auf eine ausreichend frankierte Postkarte schreiben, Name und Adresse drauf und das Ganze bis zum 29. Februar 2004 an folgende Adresse senden:

Des Rätsels Lösung
Commune de Fischbach
1, rue de l'Eglise
L-7430 Fischbach



1


paul schaal & fils s.à r.l.

L-7520 Mersch
Tél. +352 32 02 18
Fax +352 32 74 20
E-Mail: info@schaal.lu




2

## Sieger des Rätsels aus Blad 7:




Gutschein für einen Ballonflug geht an:

DAEMS ANNE-MARIE



# Hobby-Seite

# Sarah Kolber aus Angelsberg

Das Glück dieser Erde liegt auf dem Rücken der Pferde, behaupten die einen, andere meinen; Das Glück der Pferde ist der Mensch auf Erden.
Sicher haben beide recht, der Mensch und das Pferd gemeinsam, bilden eine Symbiose, die seinesgleichen auf unserem Planeten sucht.
Trotzdem gibt es Menschen, die klettern die eine Seite rauf und fallen auf der anderen Seite runter, und machen nie mehr den Versuch, das Glück auf Erden zu finden. Schade um sie , aber auch um das Pferd, denn dieses ist ein Herdentier, es braucht sowohl Gesellschaft von anderen Pferden, als auch vom Menschen.

Ein solcher Mensch ist Sarah Kolber aus Angelsberg, gerade mal 17 Jahre jung und schon ein Pferdenarr. Wie kam es dazu?
Im zarten Alter von 7 Jahren (oder auch früher) hatte sie den ersten Kontakt mit Pferden. Es war in den Ferien bei ihren beiden Tanten, die Pferdebesitzer sind. Hier entdeckte sie ihre Liebe zu den Pferden und machte erste Reitversuche.
Mit 9 Jahren machte sie mit einer Freundin 2 Wochen Ferien auf einem Reithof, was beiden sehr gut gefiel und sie für ihr späteres Leben prägte.
Die Schule hatte Vorrang, und so entstand eine Reitpause von 5 Jahren, was die Liebe zu den Pferden bei Sarah aber nicht schmälerte.
Nach guten schulischen Leistungen erlaubten ihre Eltern ihr, ihre zweiten Reitferien. Sie war jetzt alt genug, um ihren Eltern ihre Liebe zu den Pferden überzeugend zu erklären, und diese waren damit einverstanden, dass sie das Reiten von der Pike auf lernen sollte.



Sarah ging nach Stegen in die Reitschule, und sie sagt nicht mit wenig Stolz, dass sie diese Schule mit ihrem ersparten Geld selbst finanzierte.
Es war auch die Zeit, als der Pferdehändler Pierrot Weber von Lorentzweiler nach Angelsberg umzog, ein Glücksfall für Sarah. Hier half sie Pierrot bei der täglich anfallenden Arbeit mit den Pferden und durfte als Belohnung hie und da ausreiten. Hier schloss sie das Pferd Pinto in ihr Herz und lernte zwei Mädchen kennen, die ihre Pferde auf Beringerberg untergebracht hatten.


Pinto

Leider war die Zeit mit Pferdehändler Pierrot eine kurze Zeit, da er verstarb.
Sarah ging zu ihren Freundinnen auf Beringerberg und durfte dort ein anderes Pferd namens Pino reiten. Ihr Wunsch nach einem eigenem Pferd wurde immer grösser, aber sie fand nicht das Richtige.
Und wiederum waren es die Ferien bei ihrer Tante, die ausschlaggebend waren. Das Pferd, das sie dort regelmässig ritt, sollte verkauft werden, da ihre Tante nicht mehr die nötige Zeit fand um sich der vielen Pferden zu widmen. Da haben Sarah's Eltern ihr das Pferd gekauft.
Es war nicht unbedingt das Traumpferd von Sarah (da sie was Pferde anbelangt ziemlich wählerisch ist), doch es entsprach ihrer Vorstellung von einem guten Pferd.


Theis

Man hat sich in der Zwischenzeit aneinander gewöhnt, und fast könnte man annehmen, dass beide unzertrennlich sind.
Dass ein Pferd nicht nur Spass macht, sondern man auch sehr viele Pflichten gegenüber dem Pferd hat, ist selbstverständlich. Täglich stehen Arbeiten an, wobei es mal gute, als auch schlechte Tage gibt, wie Sarah sich ausdrückt, halt wie im richtigen Leben, aber das erwartet sie erst noch.



Ren Spautz

# Wien ass dat?







Wie kennt Leit op dësen zwou Fotoën?
Si weisen de Cortège vun den Onofhängegkeetsfeieren vum Joer 1939. De Cortège kënnt vu Schoos erop a Richtung Aangelsbierg.
Schreift w.e.g. den Numm op dat Blat mat den nummeréierte Leit, a schéckt mer et op dës Adress oder telefonéiert mer.
Ech kommen et och bei Iech sichen, da kënne mer zesumme kucken.

Adress:
Roland MINY
10, rue Bamhaff
L-7741 COLMAR-BIERG

Tel: 83 55 36

Hutt Dir Fotoen, Diaën oder soss Billermaterial aus eiser Gemeng, déi Dir wëllt ewechginn, sot mer w.e.g. bescheed.

Merci, Rol Miny.







# Hall Polyvalent
# Bauphase Juli - Dezember 2003











# Aktivitéitskal

## januar

| | | | |
|---|---|---|---|
| 10.01 | Chrëschtbeemercherssammle | Club des Jeunes | Gemeng |
| 11.01 | Kaffiskränzchen | Amiperas | Festsall Fëschbech |
| 30.01 | Generalversammlung | ACFL | Festsall Fëschbech |
| 31.01 | Generalversammlung | Chorale Angelsbierg | Parhaus Angelsbierg |
| 31.01 | Footballtournoi | Entente | Filano Sportshal |

## februar

| | | | |
|---|---|---|---|
| 01.02 | Footballtournoi | Entente | Filano Sportshal |
| 12.02 | Hierkeniessen | Amiperas | Festsall Fëschbech |
| 15.02 | Kannerfuesbal | Pompjeeën | Veräinsbau Fëschbech |
| 20.02 | Hexebal | Club des Jeunes | Café Angsberstuff |
| 23.02 | Fuesrallye | APEP | Schoul Angelsbierg |
| 28.02 | Buergbrennen | Maarkollefen | Fëschbech |
| 29.02 | Buergbrennen | Wiichtelcher | Schous |
| 29.02 | Buergbrennen | Club des Jeunes | Angelsbierg |

## märz

| | | | |
|---|---|---|---|
| 04.03 | Porte Ouverte | Amiperas | Festsall Fëschbech |
| 05.03 | Generalversammlung | APEP | Festsall Feschbech |
| 12.03 | Generalversammlung | Wiichtelcher | Festsall Feschbech |
| 14.03 | Generalversammlung | Amiperas | Festsall Feschbech |
| 20.03 | Generalversammlung | Gaart an Heem | Festsall Fëschbech |
| 26.03 | Generalversammlung | Chorale Fëschbech | Festsall Fëschbech |
| 27.03 | Heckebotzen | APEP | Schoul Angelsbierg |
| 27.03 | Generalversammlung | Entente | Festsall Fëschbech |

## abrëll

| | | | |
|---|---|---|---|
| 01.04 | Porte Ouverte | Amiperas | Veräinsbau Schous |
| 03.04 | Grouss Botz | Gemeng Fëschbech | Gemeng |
| 23.04 | Nuetsausflug | Amiperas | |

## mee

| | | | |
|---|---|---|---|
| 01.05 | Meekranz | Club des Jeunes | Gemeng |
| 01.05 | Meekranz | Wiichtelcher | Veräinsbau Schous |
| 01.05 | Meekranz + Generalversamml. | Spuerveräin | Parhaus Angelsbierg |
| 06.05 | Porte Ouverte | Amiperas | Veräinsbau Schous |
| 09.05 | 1. Kommioun | | Fëschbech |
| 20.05 | Run for Fun | Entente | Iechternach |

## juni

| | | | |
|---|---|---|---|
| 03.06 | Mammendagsfeier | Amiperas | Festsall Fëschbech |
| 13.06 | Processioun | | Meesebuerg |
| 14.06 | Rees op Berlin | Amiperas | |
| 22.06 | Te Deum | Gemeng Fëschbech | Fëschbech |
| 25.06 | WE am Chalet | Theaterveräin | |
| 27.06 | Ausflug | Gaart an Heem a Chorale Fëschbech | |

## juli

| | | | |
|---|---|---|---|
| 04.07 | Trëppeltour | Wiichtelcher | Schous |
| 08.07 | Grillfest | Amiperas | Festsall Fëschbech |
| 10.07 | Kannerfest | APEP | Schoul Angelsbierg |
| 18.07 | Parfest | Chorale Angelsberg | Parhaus Angelsbierg |

# lenner 2004

## august

| | | | |
|---|---|---|---|
| 03.08 | Grill- a Spilldag | Theaterveräin | Parhaus Angelsbierg |
| 13.08 | Mir maachen e Wësch | ACFL | op der Wiss |
| 13.08 | Halli Galli | Club des Jeunes | op der Héicht |
| 14.08 | Halli Galli | Club des Jeunes | op der Héicht |
| 15.08 | Halli Galli | Club des Jeunes | op der Héicht |
| 20.08 | Sportsnomëtteg | APEP | Filano Sportshal |
| 27.08 | Sportsnomëtteg | APEP | Filano Sportshal |

## september

| | | | |
|---|---|---|---|
| 03.09 | Sportsnomëtteg | APEP | Filano Sportshal |
| 05.09 | Floumaart | Amiperas | Veräinsbau Fëschbech |
| 06.09 | Camp zu Munzen | APEP | |
| 10.09 | Sportsnomëtteg | APEP | Filano Sportshal |
| 11.09 | Grillfest | Spuerveräin | Parhaus Angelsbierg |
| 12.09 | Grillfest | Spuerveräin | Parhaus Angelsbierg |
| 23.09 | Dagesausflug | Amiperas | Ehlereng/Bascharage |
| 24.09 | Generalversammlung | Theaterveräin | |

## oktober

| | | | |
|---|---|---|---|
| 02.10 | Hämmelsmarsch | Chorale Angelsbierg | Angelsbierg |
| 03.10 | Kiirmessonndeg | | Angelsbierg |
| 07.10 | Pappendagsfeier | Amiperas | Veräinsbau Schous |
| 16.10 | Marathon | Entente | Iechternach |
| 17.10 | Marathon | Entente | Iechternach |
| 24.10 | Journée du Grand Age | Amiperas | Festsall Fëschbech |

## november

| | | | |
|---|---|---|---|
| 04.11 | Porte Ouverte | Amiperas | Veräinsbau Schous |
| 13.11 | Hämmelsmarsch | Chorale Fëschbech | Schous a Fëschbech |
| 14.11 | Kiirmessonndeg | | Schous a Fëschbech |
| 19.11 | Beaujolaisowend | Wiichtelcher | Veräinsbau Schous |
| 21.11 | Céciliendag | Chorale Angelsberg | Parhaus Angelsbierg |
| 27.11 | Schluechtfest | Gaart an Heem | Veräinsbau Fëschbech |
| 28.11 | Schluechtfest | Gaart an Heem | Veräinsbau Fëschbech |

## dezember

| | | | |
|---|---|---|---|
| 02.12 | Porte Ouverte | Amiperas | Festsall Fëschbech |
| 05.12 | Kleeschen | Club des Jeunes | Gemeng |
| 11.12 | Chrëschtbeemercher | Club des Jeunes | Gemeng |
| 12.12 | Bazar | ACFL | Festsall Fëschbech |
| 17.12 | Theaterowend | Theaterveräin | Larochette |
| 18.12 | Theaterowend | Theaterveräin | Larochette |
| 26.12 | Theaterowend | Theaterveräin | Larochette |
| 31.12 | Sylvesterparty | Club des Jeunes | Schous |

### Amiperas
Seniorendanzen an Turnen  freides 17 Auer an der Filano-Sportshal Larochette, ausser an de Schoulvakanzen

### Entente
Sportowender fir jidfereen  all Méindeg um 20 Auer an der Filano Sportshal Larochette (Football/Basket)

### APEP
Vakanzaktivitéiten  fir d´Schoulkanner an de Schoulvakanzen

### ACFL
Bitzen 05.01.04 -  29.03.04 all Méindeg Owend am Veräinsbau zu Fëschbech
04.10.04 - 13.12.04 all Méindeg Owend am Parhaus zu Angelsbierg

# Krisesëtzung zu Meesebuurg am Bësch

Op engem Owend vun engem schéinen kloren Hierschtdag,
hunn ech mech ewéi schonns esou oft op de Wee gemach,
fir op Meesebuurg ze goen, fir eng oder déi aaner besënnlech Stonn,
a vun do aus ze bewonneren den Ënnergank vun der Sonn.
Et zitt mëch ewéi é Magnéit do hinner vun Zäit zu Zäit.
Duurch déi schéin Käschtenallee vun Angsber aus ass et guer net wäit.
Ech sin nach bis erof bei d'Weieren spazéiert,
laanscht Baach déi och zu dém Stëck Natur gehéiert.
Mat engem Blëck op d'Meesebuurger Schlass,
hun ech geduecht: Hoffentlech bleiwt hei ëmmer alles ewéi et ass?
Et ass net en eenzegen Eck vun hei,
deen ech virun Joren net a Faarwen hätt gefaasst elei.
Wéi ech méi no sin komm bei d'Kapell vun ënnen,
hun ech gelauschtert: Wéi du héiers Stëmmen?
Ech hu mëch verstoppt a gemaach ganz lues.
A wat wor do lass, do uewen op dem Wues?
Et ass mir virkomm ewéi én Dram: Vill Déiren an enger Ronn,
an dat alles owes zu esou spéider Stonn!
Et schéisst mir duurch de Kapp: Déi do, déi hun eng Sëtzung!
De Fiischen als Riedner, rechent mat ganz vill Ënnerstetzong!
Hien sëtzt op engem Podium, é Stamm vun engem Bam,
d'Nues an der Luucht: Wann's de néischt bass muss de eppes aus dir man!
Ronderem hien ass alles an Oppositioun,
et schëngt mir, hien hätt hei eng besonnesch Fonktioun.

An du goung et lass, mat dem Beschass!
Mir hun ons verdëngte Britt du kritt!





„Déi gréissten Dommhéet“, sot de Fuuss, „déi onser Herrgott jé gemaach,
wor déi, wéi hien dé Mënsch do huet erschaaf.
Hien hätt et sollten bei ons Déieren belossen a Plaz,
seng 10 Geboter woren sou wéi sou fir d'Kaz.
Ech wor bis elo ëmmer é ganze Schlauen,
ma hei wés ech wiirklech ké Rot, wat déi hei wëlles hun ze bauen?
E Golfterrain a Villaen sollen hei entstouen,
a mir sollen dat loossen op ons berouen!
Wësst dir net wat dénen alleguer nach blidd,
datt jo nëmmen de Letzebuerger all 5 Kilometer seng Attraktiounen kritt?
Hiert Ländchen ass vu fir bis hannen e Lunapark nach,
esou hun si dat erréecht wat si wollten dach!!
A mir Déieren gin guer net gefroot, vun ons schwetzt kén.
Mir wëllen ké Geld, maachen kén Dreck, a sin hei dohéem.
Mir hun och émol d'Recht d'Wuert ze ergréifen,
wann ons enges Dags déi Golfbäll hei em d'Ouren päifen“!

En decken Bäifall vun allen Säiten ronderem!
...An duerno ergréift d'Wëldschwäin d'Wuert mat haarder Stëmm:
„A mengen Aen ass dach haut all Mënsch e Mëllen,
esou guer mir, duerfen schon's laang net méi ze wullen wou mir wëllen“!
Eng ganz Sippschaft grunzt: „Gudd geschwat!
Si hun de Geck laang genuch mat ons gemaat“!

An elo én Hirsch zu senger Frächen sét ganz stolz:
„Mir kënnen ons mol net méi verstoppen an dem Ënnerholz.
Onse Liewensraum get ëmmer méi ageengt,
dobei hu mir et nëmme gudd mat hinnen gemengt.
Wat hu mir all deenen eng Fréd gemaach,
déi hei spadséieren komm sin Dag fir Dag.
...A dat alles wëll e puer besser Leit sech no Feierowend wëllen ofréagéieren,
et ass hinnen ganz egal wéivill vun ons der net méi kënnen existéieren“!

En Hues dén umgaang ass seng Läffelen ze reiwen,
iergert sëch: „Hei kënne mir net bleiwen!
Ech si schon's mat menger ganzer Famill geplënnert,
iwwerall hun si ons gehënnert.
Vun Jonglënster op Krëstnech, a vun do op Meesebuurg, gét dat net duer?
Né, wat ass de Mënsch vun haut esou stur !
Da sprëtzen si och hei nés hiert Gëft!
Pfui, wat eng Sauerei, oh nondijeft!!
Datt jo nëmmen kén Onkraut méi soll wuessen.
Wat gett dat nés fir ons Huesen hier fein Nuesen“?
Eng wëll Kanengchen an é Maulef mengt:
« Déi halen ons fir méi domm wéi si, wéi et schéngt.
Da léen mir ons léiwer fir de Rescht vum Dag op d'Ouer.
Né merci, déi Pestyciden an dém Buedem hei um Flouer!



E puer Kaweechelcher wollten och mat schwätzen:
„Wësst dir, mir wëllen ons guer net bretzen.
Och mir mussen elo nach méi hetzen,
fir mat onse Nëss iwert déi vill befuere Strooss ze wetzen“!

En aale Käschtebaam dé keimt:
„Et gëtt néischt méi wat haut nach reimt:
Wann déi emol mat hiren Luxuskarossen hei zirkuléieren,
muss och én Déel vun ons ewech, well mir hei stéieren!
...An dat alles an dém schéinsten Landschaftspark, a beschtem Quellegebitt zu Lëtzebuerg,
ech muss soen, mir hun et wäit hei bruecht!
Régelméisseg esou vill zou betonnéiert,
si wärten gesin, zu wat dat do hei féiert“!



D'Villercher hun traureg de Kapp tëschent Plommen gezunn,
an hun sech gefillt, wéi wann si wären bedrunn.
...Fir de Gesank dén si all Dag deenen hu bruecht,
déi hei schon's laang schlofen Dag an Nuecht.
Mol net méi déi, déi sollen rouen am Fridden,
ass gegonnt hier éiweg Rou hei nidden!
D'Kapell stong stomm do all déi Wieder ze erdroen,
et wor net fir d'éischt datt si héiert esou Kloen.



No all deene virgedroenen Suergen vun den Déieren,
äntwert de Fuuss mat sengen gescheiten Manéieren:
„Nu régt iech mol net zevill doriwer op,
virun de Walen gléwen ech, stellen si ons nach néischt op d'Kopp??
Ech ka mir net virstellen, datt de „Mouvement écologique“ ons léisst am Stach,
si gin sech bestëmmt hir Méi, well si sin vum Fach.
A wat seet onsen Environnement zu der Mëscht elei ?
Si kënnen dach net mat hirem Verspriechen danzen aus der Rei!
Versprach ass versprach, dat ass ons Devise,
an dat soen éstëmmeg all ons Fiiss!
…A wa net? Iergendwann gi mir all kappen,
ma si och, si wärten et berappen.
Enges Dags mussen si et agesin,
wa keng Bäm méi doruechter stin,
dat si net an d'Geld kënne béissen,
wann si sech dat lescht Stëck Natur versch.......!!

No dëse Wieder hun ech mech fortgeschlach ewéi en Déif,
vun all dénen Déieren déi mir esou léif.
Ech hu mech geschummt, Mënsch ze sin,
an hiren éierlechen Aen, déi mech net hu gesin.
Eng Tréin ass mir d'Baken erow gelaf,
ech hun mech mat aller Kraaft zesummegeraaf,
ech si gaang iwert é Bliederteppech no hém,
ënnert dénen alen farwege Käschtebäm.
Vu wäitem hun ech si héieren sangen nach am Chouer,
et klengt mir haut nach an dem Ouer:
„ Ce n'est qu'un au revoir, faut-il nous quitter sans espoir???

Octavie Sunnen-Peiffer

# ELTEREVEREENEGUNG SPILL- A PRIMÄRSCHOUL GEMENG FËSCHBECH

D'Elterevereenegung besteet schon zënter 16 Joer.
D´Grënnungsversammlung war zu Fëschbech an zwar den 19. Februar 1987.
An de Joeren vun 1987 2003 hate mir:
4 Präsidenten(innen) : Felten Fernand, Degraux Marie- Josée, Jonette Bernard, Kirtz Jerry.
4 Vize-Präsidenten(innen): Degraux Marie-Josée, Grün Viviane, Malget Linda, Domken Pierrette. (d'Pierrette ass schon 16 Joer fir de Club do).
4 Sekrétären(innn): Leick Monique, Jonette Bernard, Zuidberg Chantal, Weis Valerie.
4 Caissièren(innen): Haas Lucie, Martin Jean- Paul , Feidt Monique, Brosius Georges.
4 Keesserevisorinnen: Bück Marguerite, Domken Pierrette, Kolber Renske, Spievak Sylvie.
Membere vum Comité :
Braun Alice, Braun Liliane, Daems Michel, Lanckohr Hubert, Mertens Chantal, Miny Denise, Thill Sylvie, Hetto Michel, Kramp Léa, Miny Denise, Wiessen Arlette, Grotz Monique, Miny Phillo, Spiewack Arlette, Kraus Angéla, Brauch Dagmar, Hermes Dany.
Ons Ziler vun 1987- 2003.
Bäizedroen zum Wuël a Fortschrëtt vun der Schoul.
Activitéite fir d'Kanner.
Gespréicher mam Schoul- a Gemngepersonal ze féieren.
De Kanner / der Schoul ze hëllefen.
Activitéiten vun 1987- 1997 :
Natur,Trëppeltour,Visiten,Bastelnomëtteger, Kannerfloumaart, Keelennomëtteger, Makramée, Bastelen mat Leem, Bitzcours, Theater, Foussball, "Picasso"-Bild molen.
Sécherheet am Schoulhaff.
Faarweg Spiller molen op de Buedem vum Schoulhaff.
Schëlder molen fir d´Sécurité routière.
Konferenzen.
Petitioun fir d´Sécherheet op de Gemëngestroossen.
Verkéiersschëlder.
Vélo + Sécurité Routière.
Camp: Stuppecht, Bech, Bilschdref, Westende.
1991-2001 Kannerolympiad.
Activitéiten vun 1997-2003 :
Fussballmatch kucken, Trëppeltour mat Naturerfahrungsspiller, Fussball a Pétanque gespillt, Schwammen, Bastelen, Rallye, Kino, Théater, Kichelcher baken, Internet, Bastelnomëtteg mat Hee, wéi é richteg Gesiichter molt, Schlitt fueren.
2 Pétitiounen fir d´Sécherheet op de Gemengestrosssen.
Verschéinerung vum Schoulhaff.
E Sécherheetswee fir an d'Schoul.
Schëlder wue liichten fir d´sécurité routière.



Hecke bei der Schoul botzen.
E Logo fir d'Elterevereenegung.
Konferenzen.
Beem a Sträicher ronderëm d' Schoul ugeplanzt.
De Schoulhaff vun der Spillschoul gëtt all Joer vun de Maxie gemoolt.
Camp: Westende, Neihäischen, Munzen.
Virtrag fir d'Kanner zum Thema Drogen.
Animatioun bei de Vélosmeeschterschaften, Thé dansant.
Vun 2000 un - Grouss Botz an der Gemeng.
Vun 2002 un d'Kannerfest.
Vun 2002 un - Sportsnomëtteger mat der Fiels an Noumer an der Sportshal FILANO.
Vun 2002 un Fuesrallye.
De Comité kënnt 1 Mol am Mount zesummen.
Am Comité schaffe mir a Gruppen.
D'Gruppen sinn :
FAPEL, Entente Gemeng Fëschbch, Verschéinerung vum Schoulhaff, Kannerfest, Sécherheet op de Gemengestroossen.
Sportsnomëtteger mat der Fiels an Noumer an der Sportshal FILANO.
Fir Leit déi hëllefe wëllen, ass ëmmer eppes do.
Fir d'Kannerfest organiséiert d'Léierpersonal Spiller déi sie da mat de Kanner machen.
Bei der Verschéinerung vum Schoulhaff ass alles an Zesummenaarbecht mat de Kanner, mat der Gemeng, dem Herr Pletschet, dem Fierschter, dem Herr Bissen, dem Léierpersonal, an der Elterevereenegung gemeet ginn.
Eis Generalversammlung ass am März 2004.
<u>E grousse Merci </u>un: d'Gemeng , d'Gemengenarbëchter, d'Léierpersonal, de Fierschter, d'Freiwëllecher ouni déi et nët mëglech ass d'Activitéiten fir d'Kanner ze réalisiéren.

Jerry Kirtz

## CLUB DES JEUNES AANGELSBIERG, SCHOUS AN FËSCHBECH

De Club des Jeunes ass 1980 vun e puer Aangsber Jongen gegrënnt ginn. Säin Ziel wor et d´Jugend vun Aangelsbierg zesummenzehalen. Dëst wor och ganz gutt esou, ma et huet net laang gedauert, bis d´Jugend aus der ganzer Gemeng am Klub aktiv wor. De Numm ass awer eréischt 2001 a Club des Jeunes Aangelsbierg, Schous an Fëschbech ëmgedeeft ginn, just nach seng Ofkierzung CDJ Aangelsbierg erënnert u seng Grënnung.
Am Laf vun de Joren sinn ëmmer nei Membere beikomm wat de Klub um Liewe gelooss huet. Et goufen och Héichten an Déiften am Klub ma de Kär ass bestoe bliwwen.
Haut si mer um Pabeier zu enger 50, regelméisseg aktiv sinn der 20, wat net schlecht ass fir esou eng kleng Gemeng, a wann ee bedenkt, wéivill aner Veräiner an der Ëmgéigend et gëtt.
Wat mécht dann elo esou e CDJ, wäerd Dir iech froen! Ma déi hunn e ganz chargéierten Programm iwwert d'Joer.
Am Ufank vum Joer geet et lass mat der Generalversammlung, da kënnt och scho ganz séier eisen Hexebal fir d'Fuesend. Duerno brenne mir no aler Traditioun d´Buerg zu Aangelsbierg. An op d´Calvacade gi mer och nach. Op verschidde Sportsturnéieren, Rallyen, asw. si mer natierlech och vertrueden, zum Beispill de Landjugenddag oder den Horrortrip. Awer och op Sportsmanifestatiounen si mër derbei, ewéi Basketstournéier zu Hiefenech oder Football zu Cruchten.
Mir probéieren och dat ganzt Joer iwer bei anere Veräiner present ze sinn, wëll nëmmen esou kann ee Reklam fir säi grousst Fest maachen. An dat ass bei eis den Halli Galli um Aangelsbierg vun deem ech lech schonn am leschte Gemengebuet geschwat hunn. Villmools merci fir déi Leit déi eis do dëst Joer nees ënnerstëtzt hunn, virum an hannert dem Comptoir.
Eemol am Joer maache mir och en Don un eng allgemengnëtzlech Associatioun.
Mir lounen och e Bus fir op Veianen op de Nëssmaart, gi Kaart fueren an hëllefen dem hellege Mann am Dezember, e Fussballsturnéier hu mer och schonn am Dezember organiséiert. Als Ofschloss feiere mer Sylvester zesummen.
Eise Klubsall ass an der aler Spillschoul zu Schous, déi mer deelweis renovéiert hunn a wu d'Gemeng eng nei Heizung dragesat huet. Esou e Sall ass schon ganz wichteg, well dat eng Plaz ass, wou mir eis kënnen treffen an eist Material kënne stockeieren, zumol wëll mer et net ëmmer fäerdeg bréngen, alles direkt ze raumen.
E Jugendklub ass bei ville Leit net ëmmer esou gäre gesinn, well e meeschtens e bësschen méi haart feiert. Op deser Plaz froe mir ëm Verstéssdemëch, drëckt mol heiansdo en Aan zou wann et mei haart eroof geet, wëll ech mengen dir word all jonk an hudd iech gären mat deenen aneren amséiert. Dir kënnt eis awer och roueg stéiere wa mër neess iwert der Moos sin, mir probéieren dann eist Bëscht ze machen.
Wann elo een interesséiert ass fir an de Klub ze kommen da soll e sëch bei engem vum Comité mellen oder der Invitatioun nokommen, an op eis Generalversammlung kommen, déi dëst Joer e bësschen éischter ass, am Dezember, wat mer och an Zukunft esou wëlle beibehalen, wéinst dem Hëxebal.
Konditiounen fir an de Klub ze kommen sinn: Alter tëschent 15 an 30 Joer, an an der Gemëng wunnen. Wann én net an der Gemeng wunnt kann een sëch an der Generalversammlung stëmme lossen.
Ech hoffen dir hutt elo e klëngen Ablëck an eise Klub kritt a gesitt datt mër net nëmmen Party maachen ma och probéieren d'Jugend aus eiser Gemëng zesummenzehaalen.
Wann dir Froen oder Urégungen hutt, da kënn dir iech roueg bei ëngem aus dem Comité mëllen.



Président: Brosius Luss
Caissier: Trausch Claude
Sekrétaire: Bamberg Yoshka
Member: Bissen Jeff
Member: Vrehen Marc
Member: Felten Laurent



Luss Brosius

# En Don fir d´Primärschoul vu Csokakö/Ungarn

De Club des Jeunes Aangelsbierg, Schous a Fëschbech probéiert all Joer en Don fir eng gutt Saach ze maachen. D´lescht Joer huet e sech un der Aktioun Télévie bedeelegt. D'Memberen hunn an der Gemeng a ronderëm Portmonnaien a Kamellen verkaf. Bei dëser Aktioun koumen 860 Euro zesummen, déi dono un d'Télévie iwwerréecht goufen.

Dëst Joer huet de Club dun nom Halli Galli beschloss, och een Deel vun de Suen, déi erakoumen ze spenden. Wëll mer awer nët einfach wollte d'Geld spenden, hu mer eppes aneschters gesicht.

An der Gemeng Hiefenech gëtt et e Veräin dee säit e puer Joer eng Gemeng an Ungarn ennerstëtzt, „D'Frënn vu Csokakö-Hiefenech asbl“. Si



sammele Spillsaachen a Kleeder, asw. Ma si hunn och 3 Projeten, déi si méi intensiv ënnerstëtzen: Dat neit Altersheim, d´Pompjeeën an d´Primärschoul. Wéi mir du gefrot hunn, ob si eppes bréichten a wat mir kënnte maachen, sote si eis, si géifen elo am Oktober mat 12 ale Computeren vun der Gemeng Steesel dorower fueren. Déi wiere fir d´Primärschoul, wëll se sech op di modern Medie wëlle spezialiséieren. Si hätten awer och nach e grousse Wonsch, nämlech e Scanner oder en digitale Fotoapparat.

Dat wor dun eng Saach fir eis, dee Wonsch erfëlle mir de Kanner an dem Léierpersonal vu Csokakö. Mir hunn hinnen dun e Scanner, mat Kopiesmaschinn, Fax a Karteliesgerät kaaft, an en digitale Fotoapparat vu Minolta mat 4 Megapixel,



an natierlech dat néidegt Zubehör. Elo sinn se gutt équipéiert, fir an der Schoul Fotoen ze maachen.

De Comité huet déi Saachen elo, och am Numm vum CDJ, de Frënn vu Csokakö-Hiefenech bei engem Patt ungaresche Wäin zu Hiefenech iwerreecht.

Mir hoffen, d´Primärschoul vu Csokakö kann elo mat dësem Geschenk hir Kanner nach besser op déi modern an technesch Zukunft an Europa virbereeden.

Merci, nach eng Kéier un all d'Leit, déi eis gehollef hunn. Ouni är Hëllef wir all dëst net méiglech gewiescht.

Luss Brosius









# Aktivitéitsprogramm 2003

## Elterevereenegung Spill- a Primärschoul Gemeng Fëschbech

Am Mee wore mir mat 30 Kanner an e puer Erwuessener op Walfer schwammen.

Och dëst Joer wore mir aktiv. Mir hu matt de Kanner an hiren Elteren d'Hecke bei der Schoul gebotzt. Do derbei hate mir och d'Ennerstëtzung vum Léierpersonal. Um 12 Auer hu mir de Grill ugemaach an et ass e gudde Maufel zerwéiert ginn.

Dëst Joer hu mir eisen Ausfluch samschdes, den 22.06.03 an de Fond de Gras gemaach, d'Elteren woren och dëst Joer invitéiert. Mir woren zu 48 (d'Kanner an d'Erwuessener).
Do si mir matt enger Damplokomotiv gefouert ginn. Dat wor flott.

Eist Kannerfest war dëst Joer den 12.07.03 . Um 10 Auer goung et lass, och hei hate mir d'Ennerstëtzung vum Léierpersonal. Si hu Spiller mat de Kanner gemaach, an dat Ganzt ass ënnert dem Motto "ZIRKUS" gelaf.
Um 17 Auer war eisen traditionelle Fussballmatch „ Kanner-Elteren", deen dëst Joer an der Sonn konnt gespillt ginn .

Wéi Dir et schonns gesinn hutt, steet am Schoulhaff eng nei Bänk.
Mir hunn déi mat de Kanner, den Elteren an der Ennerstëtzung vun der Mme Béa Steffani zesummen opgeriicht .

An der Hal "FILANO" woren och dëst Joer erëm 4 Sportsnomëtteger.
Et hunn 170 Kanner mat gemaach, 31 Kanner woren dovun aus der Gemeng Fëschbëch. De leschte Freideg, huet all Kand säin Diplom kritt. Dat Ganzt wor mat engem klenge Maufel verbonnen.

Valérie Weis









# D'Schoulkanner zu Paräis

Fir op Paräis hate mir e klenge Luxusbus. De Busschauffer war déck léif a konnt mega gutt fueren. Mir waren all déck opgereegt!!! Mir waren ongeféier 4 Stonnen ënnerwee, ma d´Zäit ass ewéi am Flug vergaangen.

Wéi mir bei eisem Hotel ukomm sinn, si mir erliichtert aus dem Bus erausgeklomm an hunn endlech eppes dierfen iessen!

Mat vollem Bauch hu mir eis op de Wee gemaach fir bei d'Notre-Dame.



Jiddereen war faszinéiert an huet ugefaangen ewéi wëll ze knipsen. Mir sinn souguer eramarschéiert, dunn hu mir eréischt gemierkt wéi wonnerschéin a grouss et dobanne war. D´Fënstere ware gigantesch a wonnerschéin.





Den éischten Dag si mir och nach de Montparnasse besiiche gaangen.



Mir sinn op de 56. Stack mam Lift gefuer, dat heescht den allerhéichste Stack.

Wéi mir uewen ukomm sinn, war et schon däischter, an esou hu mir Paräis vun uewen mat deene ville Luuchte gekuckt, a mir hu festgestallt, dass Paräis riseg ass.

Den zweeten Dag si mir op d'Haaptattraktioun an d´Kennzeechen vu Paräis geklomm. Dat ass natierlech den Eiffeltuerm!!! Virum Eiffeltuerm war eng riseg Schlang vun Touristen. Wéi mir endlech an de Lift klamme konnten, si mir mat héigem Bols Stack fir Stack erop gefuer. Um héichste Stack kann een déi wonnerschéin Aussicht bewonneren!





Den drëtten Dag si mir dann déi éischte Kéier mam Metro gefuer, dat war och eppes ganz Neies fir eis. An deenen Deeg hu mir och festgestallt, dass a Paräis vill Trafic ass. Dat spannendst un dem ganzen Dag war den 3D-Kino! En huet ewéi eng riseg metalle Kugel ausgesinn. De Film dee mir kucke waren, huet Adrénaline geheescht.






De leschten an de 4. Dag ware mir an de legendären Wuessmusée . D´Figuren hu lieweg ausgesinn. Meeschtens si ganz berühmt Leit oder Figuren aus Märecher duergestallt ginn z. B. : de Frankenstein. (Ass dee berühmt oder ass dat e Mäerchen)



Wat een awer zum Schlusss nach muss soen, ass dass d'Iessen ëmmer super war!!!

Mir wëllen der Mme Jackie, der Mme Lucie an der Mme Linda villmools merci soen fir dëse wonnerschéinen Ausflug. Der Gemeng natierlech och , wëll ouni si hätt dat Ganzt guer net kënnen organiséiert ginn.



Text a Fotoen si vum Lina Hoehn & Aimée Frieden.



Spielschule 2003-2004

Obere Reihe: M.-J. Schlechter-Kremer, Leo Kirtz, Charel Karier, Dan Hoffmann, Marc Weis, Elena Beckers, Youri Koch, Mike Schwall.

Untere Reihe: Jennifer Azzefedo, David Blum, Fabio Santos, Tim Kolber, Noémie Keiffer, Nathalie Fernandes, Eric Karier.



1+2 Klasse 2003-2004

Obere Reihe: Mireille Garson, Kevin Ferreira, Nicolas Brauch, Bill Koch, Andy Frisch, Yann Lepinois, Martine Vrehen, Linda Hartmann.

Untere Reihe: Mélanie Gaupp, Rick Kolber, Sarah Diris, Maïte Zeimes, Ralph Hermes, Sam Reding.

SCHULJAHR

2003-2004



3 Klasse 2003-2004

Obere Reihe: Andrée Daems, Patrick Frieden, Pitt Kirtz, Anne Weis, Yannick Zuidberg, Cynthia Lehnen, Mike Lenertz, Lucie Haas.

Untere Reihe: Thoma Diris, Laura Beckers, Liz Malget, Carmen Karier, Nora Fischbach, Kevin Feteler.



4 Klasse 2003-2004

Obere Reihe: Caroline Junck, Ben Kraus, Kevin Cordobes, Nori Cordobes, Pit Brosius, Anne Karier, Ben Reding.

Untere Reihe: Gina Hermes, Ben Brosius, Dany Fernandes, Lis Karier, Saskia Kolber, Edmond Haas.

S C H U L J A H R 2003-2004



5 + 6 Klasse 2003-2004

Obere Reihe: Kevin Olinger, Julie Brauch, Caroline Olinger, Christiane Elcheroth, Jeff Spiewak, Vera Spiewak, Jacqui Wagener, Marcel Mitterboeck, Jill Brosius.

Untere Reihe: Joanne Liesa, Laura Blum, Elodic Wagener, Mandy Zeimes, Joël Jacobsen, Jim Braun, Eric Conrardy.

# Hämmelsmarsch zu Aangelsbierg



Et ass schonns zur Traditioun ginn, datt d'Chorale vun Aangelsbierg op Kiirmessamschdeg duerch d'Uertschaft zitt, an d'Awunner dorop opmierksan mecht, et ass Kiirmes am Duerf.

Mä net nëmmen d'Sänger vun der Chorale sinn ënnerwee, ganz vill Kanner hu sech ugeschloss, a si mat vill Freed bei der Saach, fir vun Haus zu Haus ze goen an de Leit ze verkënnen: Muer ass Kiirmesdag.

E schéine Brauch, deen och an deenen aneren Uertschaften vun eiser Gemeng mat vill Engagement gepflegt gëtt.

Suergen ëm de Nowuess muss een sech net maachen, sou datt een davun ausgoe kann, och an deenen nächste Joer d'Lidd vum Hämmelsmarsch ze héieren.

Ren Spautz